# Eng Lotterie.

E Fuosendsteckelchen an 2 Akten.

## I. Akt.

(De Metti an de Niki hun sech ganz geiunge verklêd, an der Stuff.)

*Mett:* So'! Du bass awer vill me' greislech we' ech!

*Nik:* Muss du dech verklêde, fir sche'n ze sin?

*Mett:* Jong, et klènscht eppes!

*Nik:* Kèng Angscht! Virum 6-Auer-Zug kent d'Mamm net aus der Stâdt!

*Mett:* An ech soen der, et kent ên! Hopp, verstoppt! (Krauchen hannert eng Rido. — De Misch kent eran, mat engem ale Vullekuoref.)

*Mischi:* Hé! Hé! Ass kên hei? (E rifft hârt- lauschtert, kèng Äntwert.) D'Fîschtdîr stung dach gro'ss op, a kê Mensch hei! (De' zwe'n sprangen eraus.)

*Mett* a *Nik:* Hu! Hu! Hu!

*Mischi:* Gespenster! Gespenster!

*Mett:* Wat geiben Sie hier tan? Sie seien ein Eingebrachter!

*Nik:* (pâckt en un.) Ich wullte Sie uffressen mit Haut und Schinken.

*Mischi:* O, gute Gespenster, ich wullte nicks hollen! Geiben sie mich los! Ich muss eine Schmerr hollen gehen. Guter Matti a bester Nuckes, kann ich och ein Gespenst geben? (Da werfen die zwei ihre Masken ab und alle drei lachen herzhaft.)

*Mischi:* Jongen, verklêt mech och! Da si mer zo' drei an da gi mer d'Fuesendsbroden hêschen.

*Mett:* Dat gêt net, meng Mamm huot kên ale Rack me', an de Lompekre'mer huot mengem Papp seng bèscht Box kritt. Elo get eppes anescht.

*Nik:* Ja, a wat dann?

*Mett:* Jonge, mer mân eng Lotterie!

*Misch* a *Nik:* Eng Lotterie!?

*Mett:* Mei Papp huot e ganze Block voll Lotterielo'sen gescht aus hirem Verein matbruocht. Soll ech se siche goen?

*Misch* a *Nik:* Ma gewess! Ma gewess! Laf se'er! (of)

*Nik:* Jux! Jux! Jux!

*Misch:* Fir eng Lotterie musse me' Leit sin. Ech gin der nach ruffen! Et spillt nach eng Band mat de Jicken dobaussen.

*Nik:* Jo, lôss se kommen, wat et der me' sin, wat et me' Jux ass! — (Misch of.)

*Mett:* (ke'nt mat de Lo'sen) Hei kuck, 50 Stéck an engem Block, et ass nach kên eraus!

*Nik:* A wat sét dei Papp dann.

*Mett:* Mei Papp? Dén ass net heihém! An dann och nach. *Des* Lotterie get jo ele'scht no drei Me'nt ausgespillt, awer mir spillen eis direkt aus. Wo' ass dann de Misch?

*Nik:* En ass der nach ruffen, soss kre'e mer neischt an d'Lotterie.

*Mett:* Bong! Très bieng! Lôss se kommen. (Et he'ert ên do baussen Kome'di: Sangen, Peifen, durchernên: Strassburg, o Strassburg, — Get ons Speck an Erbessen — Op d'Weis vum Tradirallala a. s. v.)

*Jeng:* Ha! Sin dat de' Gespenster! Ech verklêde mech och.

*Mill:* Ech och!

*Lou:* Ech och! (Sie dre'hen d'Paltongen öm.)

*Le':* Ha, hei hu mer jo nach eng garde-manger!

*Mill:* Garde-robe, Ellespill!

*Le':* Egal (Sie huolen erof: Paletot, Schirteg, Rack.)

*Mett:* Jonge, mâcht, ass déne Sâchen do neischt geschitt, soss kre'en ech d'O're gelaust.

*All:* Kèng Ahnong! Kèng Ahnong!

*Mill:* Dé Schneppel hei gêt mir mach lâng net schlecht.

*Le':* An de' Heifchen hei ass we' fir mech gemâcht.

*Willi:* O nên! O nên! We' gelungen! —

*Mett:* Ja, elo ass genug verklêt, elo get d'Lotterie ausgespillt.

*All:* Nummeren! Nummeren!

*Mett:* De' Nummere kaschten 2 Frang d'Steck!

*All:* O! O! O!

*Mett:* Ma natirlech!

*Mill:* Ech hu kê Sou!

*Misch:* Ech wêss kên!

*Le':* Ech hat nach kên!

*Nik:* Wo' hätt ech e kritt?

*Mett:* Dat ass neischt. Mir spille jo nemmen! Mir hu grad eng Kurbel mat Erzen dobausse stoen.

*Misch:* Erze si kèng Souen!

*Mett:* Dat ka schons e Blannen taschten!

*Nik:* Breng du d'Erzen, Mett!

*All:* Breng du se! (De Mett of.)

*Misch:* Jongen, dat get eng verdeiwelt Lotterie! So' flott hu mir eis schons lâng net me' amese'ert.

*Nik:* Lotterie! Larifa*ri!* Mette*li,* ech wette*li,* ech wanne*li!* — Hi! Hi! Hi! Hi! (De Mett kent mat der Kurbel Erzen, de Misch wöllt kucken.)

*Misch:* Ha, wo' sin de' Erzen? (Hie reisst un d'Kurbel, an de' mêscht rullen op de Buodem!)

*All:* Do! Do! Broseler!

*Mett:* Do, lo raf s'och rem op! — Stura! — (Sie hellefen all.)

*Misch:* Et ass net gèr geschitt! Die guten ins Töpfchen, die schlechten ——— Wat eng le'f Deifchen a senger Heifchen ass de Mill, o nondi Spill!

*Mett:* Huolt nemmen de' mêscht, mer hun der nach genug!

*Misch* an *all:* Ech mengen och.

*Mett:* Also, Jongen, lo gin d'Nummere verkaft. Dat mâchen ech, an de Niki helt d'Geld of.

*Le':* De Niki Caissier! Et ass e braven Dapp.

*Nik:* A meng Caisse dann?

*Misch:* Der Mamm hire Prable'!

*All:* Ma gewess! Ma gewess!

*Mett:* Jonge, Jonge! Mâcht, ass em neischt geschitt!

*All:* Kèng Ahnong.

*Misch:* Ech huole mer alt Souen.

*Mett:* Luos, Jongen, dat wär kamo't. Wié vill Souen helt, muss och vill an d'Lotterie liweren!

*Le':* Klor!

*Misch:* Wat ass dann do ze liweren?

*Mett:* Ei, we' gescheit! Mir sollen eng Lotterie mâchen, a mir hun nach neischt fir auszespillen.

*All:* Klor! Klor!

*Mett:* Jidderê muss eppes gin.

*Misch:* Ech hu neischt.

*Le':* Ech och net.

*Lou:* Jicken, Messer!

*Mett:* O, et musse ganz aner Artikele sin, eppes vu Wert ...

*Le':* Kollisknäpp!

*Lou:* Meisfalen!

*Mett:* Dat si praktesch Artikelen. Ir ech elo d'Lo'se verkafen, muss ech wössen, ob jidderên eppes an d'Lotterie get.

*All:* D'accord! D'accord!

*Mett:* Bong! Dajé, lo gêt et lass.

*Misch:* 10 Steck! Ech liwere 5 Artikelen!

*Mett:* Bong! Do.

*Niki:* (rifft hârt) An d'Caisse, s'il vous plaît! (D'Borschte stiéchen och Erzen an de Mond. E kent nom aneren: 6, 4, 1, 15 Steck.)

*Mett:* Et gêt zum Rèscht: Nach 3 Steck. Wié wöllt se?

*All:* Ech! Ech! Ech! (reissen s'aus den Hänn.)

*Mill:* Ech hu Nummer 6789 à 6794.

*Le':* An ech: 6773, 6762, 6799. Dé lèschte wönnt ganz secher!

*Lou:* Mir wannen all!

*Mett:* Dajé! Jongen, elo sprangt der hêm, an da brengt der èr Sâchen fir an d'Lotterie!

*Le':* Hêm!? Du huos dach alles am Haus, Mett?

*Mett:* Muss ech dann alles liweren. Ech brenge meng Artikelen, a jidderê brengt seng.

*Mill:* Dajé hopp!

*Misch:* An dese Costümen? Hahaha!

*Mett:* A kengem Fall! Alles aus! (Léen alles aus.) A nu vif hêm, se'er, well d'Sâch presse'ert. A 5 Minute sit der all rem do —

*Niki:* Wat brenge mer dann?

*Mett:* Wat der wöllt; nemme kèng Hunnen, kèng Firkeln a kèng Meis, da schle't zevill Kome'di.

*Misch:* Awer Meisfalen. Mei Vullekuoref, ass dén neischt?

*Mett:* Gutt, de' sche'nst Artikelen de' der fannt. A 5 Minuten rem hei!

*All:* A 5 Minuten!

---

**II. Akt.**

*Mett:* (eleng) Et gêt alt lâng zo', bis de' Petteren erem sin. Elo missten de' mer mat de Nummeren derdurechgoen! Ech hätt se sollen hei halen. Nujé, d'Sâch gêt gutt aus! — Kuckt iech meng Artikelen!

Mir spille jo nemmen! Der Mamm hire Sonndese Pelz! So' eppes brengt kê vun hinnen! An dem Papp seng Schlofmutz! Wuol manner wert, mais dach interessant! — Eng Kérbîscht, e ganz gudde Miwel am Haus! Ech muss eigentlech de' feinst Sâche liweren, well d'Lotterie hei ausgespillt get an ech d'Idé gin hun. Duorfir ass mengem Papp sei Brautschneppel och net ze gutt. Den Zylinder passt derzo' — Eisem Liss sein Tompousse ass och net iwel, a seng weiss Schingercher si chic! — Ech mengen, ech hätt genug geliwert. — Ah, elo kent ên! (lêft kucken.) Ah, du bass do, Niki? E'schten erem. A wat brengst du dann?

*Niki:* O, ech war hurteg ferdeg: Ech lafen an eis Stuff eran, do hât meng Mamm jo grad d'Valise stoen, fir mâr bei eise Frin an de Konvikt ze goen. Ech duocht: «Dat ass d'Affär!» Et ass me' dran we' mir brauchen, kuck emol: (pakt aus) Nuosschnappecher, Caleçons, Hiémer, Cravatten.

*Mett:* Mei Gott, Sâchen fir 6 Lotterien!

*Niki:* Meija! (Tesselt alles op den Desch.) D'Mamm hât dat nawell sche'n fein verpakt.

*Mett:* O, mir kre'en et och rem an d'Rei.

*Niki:* Du huos dei Costüme nach un. Ech di mein och erem un, et ass me' Jux! —

*Mett:* Elo kent erem ên! (kuckt) Et ass de Lou!

*Lou:* (Mat engem Sâtz) Ei, ech hu mech geflass! Et kent ê niewt den Otem!

*Mett:* A wat brengs du dann?

*Lou:* Ma da wârt dach emol! Lôsst mech emol auspaken! De' Meisfal get e sche'nen Numero! E Bro't ass och net schlecht. Iésst der d'Böcklecke gèr?

*Mett a Nik:* Ma gewess! Fein! Fein!

*Lou:* An eng Zossis!

*Nik:* A la bonne heure! Hopp, lassgeschnidden, 't ass Fuosend.

*Mett:* Nicksda, et dârf neischt ugebass gin! Mir sin dach kèng Râten.

*Le':* (kent mat enger Kannerkutsch, sie lâchen all.) Dir könnt lâchen, mais et ass ganz fein eso' gâng!

*All:* Magewöss! A wat huos de nach?

*Le':* Den Dêssem!

*All:* Den Dêssem!?

*All:* Ass dé net gutt?

*All:* Ah dach! Ah dach!

*Le':* Eis Bettfläsch.

*Mett:* Très bien, e gudde Miwel!

*Le':* Menger Mamm hiren Hutt!

*Mett:* Ech hun de Pelz vu menger.

*All:* Eng sche' Wiéhl!

*Le':* Ma gewöss! An de' aner?

*Mett:* O, de' kommen och!

*Le':* Ei, ech hu gedreckt, ech duocht, ech wär dé lèschten.

*Misch:* Dir Hèren! Ech war der Mamm an d'Kre'bänk geroden!

*All:* Gutt! Gutt!

*Misch:* Eng Seibecken, eis Kannerfläsch! 'T ass meng awer net!

*Le':* Et wêss ên et awer net.

*Misch:* Bîrkebiésem.

*Mett:* Ech hun eng Kérbîscht.

*Nik:* Sie sin allebe'd gutt!

*Misch:* An eng Kaffismillen.

*Mett:* Jongen, mir könnten e Stôt ufänken! Kuckt, wat eng Wiéhl.

*Nik:* An de Millchen?

*Misch:* He'er, e rifft, dé packt seint net!

*All:* Komm, mer gin him hellefen! Kommt!

*Mett:* Dat ass dach eng Lotterie! Ass ech dach nemmen de' Idé hât! (Se komme mam Mill an enger Bro'tsche'ss!)

*All:* Vive de Millchen! d'Bro'tsche'ss!

*Mett:* Uocht gin! Neischt erof gesto'ss.

*Mill:* An e Kuorf mat Schiélen!

*All:* Vive de Mill!

*Mill:* Ei, Jongen, dat hât mech an de Schwêss kritt! A wat eng Wiéhl.

*Mett:* Mâch, ass kên op eppes trett!

*Misch:* Jo, hiéft èr Fe'ss an d'Lûcht!

*Nik:* Do, huos de d'Schiélen awer schons emgeheit!

*Misch:* Neischt! 'T ass bal zevill voll! An eis Costümen?

*Le':* A jo, et ass jo Fuosend! (verkléden sech.)

*Mett:* Also, elo hu mer jo eis Sâchen zesummen, da könne mer elo ufänken. Dat kent jo alles an d'Lotterie, wat hei stêt.

*Nik:* Lôss mer d'Zossis direkt eraushuolen an op der Plâtz iéssen.

*Lou:* Nên! Nên! An d'Lotterie an! Neischt verschnidden!

*Mett:* Also, Jongen, elo den Efalt op d'Seit gesat, elo get et êscht. Et muss richteg mat dèr Lotterie goen!

*All:* Ah jo! Richteg! Ganz richteg!

*Mett:* (op e Stull) Gutt, da musse mer elo Ziédele mâchen.

*Lou:* Mir hu jo Ziédelen!

*Mett:* Hei sin aner Ziédelen. De' kommen an d'Caisse.

*Misch:* Dat hêscht an der Mamm hire bèschte Praplie.
Ziédele mâchen. (Komme ganz no a strecken d'Käpp zesummen.) —

*Mett:* An dann ze'he mer de'. Nu kommt emol allegur hir. Nu mâcht dass der richteg ze'ht.

*All:* En, zwê drei, ve'er — — — (So' gesin sie net dass de Papp erakent. Dé bleiwt an der Dîr stoen a kuckt dém Spâss eng Grimmel no, a wa sie soen: 17, 18, sét de Papp)

*Papp:* 19 am Schâf! An 20 an der Kre'bänk!

*All:* Ho! Ho! Ho! (durchernên) Fort!

*Mett:* O Papp! O Papp!

*Papp:* (Helt de Bîrkebiésem.) Da wart elo! (En nom anere fort, eng hannebei.)

*Mett:* Papp, mer mâchen eng Lotterie!

*Papp:* Eng Lotterie! Herrgott, ste' e bei! — A meng Billets!

*Mett:* Sin de' net gutt, Papp?

*Papp:* Da komm emol hir! (Zitt en iwert de Kne'! —) Wo' sin de' aner Billets?

*Mett:* Verkâft! Verkâft! Papp.

*Papp:* An d'Souen?

*Mett:* An der Mamm hirem Prable', Papp. (a fort)

*Papp:* Herrgott! Wann awer Kanner eleng sin!

